


# Sport a Spaass an der Bretagne

## Do kanns de eppes erliewen...

Regatta.lu, dat ass Sport, Spaass ... a villes méi. Eng ganz Woch laang erliefs du sportlecht Seegelen, spannend Coursen, den Teamspirit vun denger Crew, an owes déi eemoleg Ambiance am Hafen oder um Anker virun der Plage vun enger Insel.

## Eng aktiv Woch op enger Yacht...

Regatta.lu ass déi Geleeënheet fir um Enn vun der Summervakanz eng genial Zäit mat dénge Frënn a Kolleegen an där wonnerschéiner Bucht vu Quiberon an der Bretagne ze genéissen. Op enger Seegelyacht, zesumme mat dengem Skipper a Co-Skipper vum GLCR (Groupe Luxembourgeois de Croisière et de Régate). Si weisen dir, wéi et geet, an da kanns du selwer aktiv ginn an d'Steier iwwerhuelen.

## Fir Schüler a Studenten

Bass du Schülerin oder Schüler an engem Lycée zu Lëtzebuerg, an hues op d'manst 14 Joer? Oder studéiers du zu Lëtzebuerg oder op enger Héichschoul am Ausland? Da maach mat bei Regatta.lu, och wanns du nach keng Seegelerfahrung hues.

## Elo umellen !

Op **www.regatta.lu** fënns du all néideg Informatiounen, an du kanns dech umellen, individuell oder als Equipage zu 3, 4 oder 5. Maach dech bäi, d'Plazen si limitéiert.
Wann s du nach Froen hues, da schreif eis op **regatta2026@glcr.lu**

Info & Umeldung
**SCHÜLER**

Info & Umeldung
**STUDENTEN**